



**oekoZenter
pafendall**

Den OekoZenter Pafendall luet lech häerzlech an op de Webinar

Spullstroossen a Spullweenercher

Wéi bereeden ech meng Gemeng op d'Mehrweg-Geschier bei Eventer vir ?

Mëttwoch, de 27. September 2023

Vu 15h00 - 17h30

Fir Gemengevertrieder a Gemengeservicer

Eng Rei Erausforderungen kommen am Moment op Gemengen a Veräiner zou. Bis 2025 gëtt Einweg-Geschier op Eventer komplett verbueden. Fir den Offall op den Eventer däitlech ze reduzéieren a lokal Organisateuren bei der Ëmsetzung vun nohaltegen Eventer ze ënnerstëtzen, gëtt et ëmmer méi wichteg déi kommunal (bzw. interkommunal) Infrastrukturen an Akeef nohalteg ze gestalten an unzepassen.

An dem Kader stelle sech vill Froen zu der Gestiou vum Spullweenercher, Spullstroossen a Mehrweg-Geschier:

Lount et sech eng Spullstrooss zesummen mat anere Gemengen aus der Regioun opzebauen an op wat muss een do oppassen? Wéi eng Käschten sinn domadder verbonnen a kritt een dofir eng finanziell Ënnerstëtzung? Wéi kann d'Locatioun vun engem Spullweenerchen tëscht Nopeschgemengen ausgesinn? Wéini ass d'Verlounen vum Mehrwegplastik-Geschier niewent Porzeläinstelleren a Glieser sënnvoll?

De Webinar gëtt op Lëtzebuergesch gehalen.

Dëse Webinar gëtt vum **OekoZenter Pafendall** organiséiert mat der Ënnerstëtzung vum **Ministère fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung** an Zesummenaarbecht mam **Mouvement Ecologique**, mat der **Ëmweltverwaltung**, der **SuperDrecksKëscht**, der **Emweltberodung Lëtzebuerg** a mam **Klima-Bündnis Lëtzebuerg**.

Programm vum Webinar

Accueil ab 14h45

Intro

Oekozynter Pafendall

Offallgesetz a Subsiden fir Spullanlagen

Spullkëscht zu Suessem: Erfarungen a Lessons learned

Dany Scholten, Chargé de Direction CIGL Suessem

Mehrweg-Geschier: Kafem oder Ioune?

Julien Primout, Relations Publiques, Gemeng Reckeng op der Mess

Spullweenchen, Mehrweg-Geschier an Eventmaterial fir Veräiner

Andy Wagner, Service Technique, Gemeng Beaufort

Gestioun vum Spullweenchen an enker Zesummenaarbecht mat den Nopeschgemengen

Sebastian Pohl, Service Technique, Gemeng Munneref

Oppenen Austausch

Mellt lech wgl. iwwer dëse Link un

<https://oeko.limesurvey.net/562887?lang=de>

Heiriwwer kënt Dir och e Certificat fir d'Participatioun ufroen. Den Oekozynter Pafendall ass en unerkannte Weiderbildungszentrum.



Fir um Webinar deelzehuelen, klickt op dëse Zoom-Link

<https://us06web.zoom.us/j/83077956493?pwd=TzU2R1NlUj83SmZjSEtVOExTRlIRZz09>

